ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Staatswiesen ass et an der Reegel net virgesinn, datt de Fonctionnaire-stagiaire soll Iwwerstonne maachen. Ganz anescht gesäit d'Situatioun bei de Stagiairë vun der Police Grand-Ducale aus: Dës mussen iwwert d'Joer verdeelt eng substantiell Zomm un Iwwerstonnen leeschten ouni zäitlech Récompense an/oder finanziell Remuneratioun.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen:

1. Leien dem Här Minister Zuelen vir, wéivill Iwwerstonnen vun de Stagiairë vun der Police geleescht goufen?
2. Op wat fir enger legaler Basis ginn dës Iwwerstonnen geleescht?
3. Ass den Här Minister net der Meenung, datt d'Stagiairë vun der Police eng gerecht Remuneratioun fir déi geleeschten Iwwerstonnen verdéngt huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique